Mobilité douce (Beräich E-Bike)

Scho laang gëtt zu Lëtzebuerg vun der Verbesserung vun der Mobilité Douce geschwat. Leider huet sech dës an de leschte Joer net wesentlech verbessert. Am Vëlosberäich hu mir e groussen Opschwong am Domaine „Pedelec“ (pedal electric cycle) an „S-Pedelec“ (Speedy-Pedelecs). D'Infrastrukture maachen eis et leider net ëmmer einfach mam Vëlo op d'Aarbecht ze fueren a mam Vëlo kleng Kommissiounen ze maachen. Den S-Pedelec ass fir eis an dësem Fall eng vun de méigleche Léisungen, déi et eis och erlaabt sech séier an onkomplizéiert an engem gréissere Radius fortzebewegen, an domat den Auto stoen ze loossen. Leider ass an dëser Kategorie villes net kloer oder net erlaabt. Zum Beispill wier d'Erlaabnis fir mat dem S-Pedelec Vëlosweeër kënnen ze benotzen hei schonn e grousse Virdeel. Jiddereen dee schonn eng Kéier mam Vëlo nieft dem Auto am Stau stoung, weess datt dat net flott ass. Do dernieft feelt eng speziell Kategorie an eise Gesetzer wou esou e Vëlo ugemellt ka ginn. Am Moment ass et sou dass den S-Pedelec als Scooter ugemellt gëtt, wat déi falsch Kategorie ass. (Dat richtegt Benotzen ass domat net ëmmer kloer)

Virun 3 Joer ass vun 2000 km Vëlosweeër geschwat ginn. Ausser dat an der Stad um Trottoir e Stréch gezu ginn ass fir de Vëlos- a Foussgängerwee ze trennen, ass nach net ganz vill geschitt. Et ass zum Beispill op ville Plaze schwéier oder onméiglech vun de Randgemengen an d'Stad oder ëmgedréit, ze fueren.

Wéi de Minister Bausch am Dezember ugekënnegt huet, plangt hien e landeswäite Car-Sharing-System. Leider ass erëm net un e landeswäiten E-Bike-Sharing geduecht ginn an d'Gemenge bleiwen an hirer Responsabilitéit. Dëst huet de Problem datt de Benotzer emol net kann an d'Nopeschgemeng fueren an do de Vëlo stoe loosse kann.

Eis Positioun: Mir stellen als CSJ Zentrum kloer fest, datt et héich Zäit gëtt endlech op dës Entwécklung am Domaine vun de Vëloen ze reagéieren an ze agéieren. Dëst virun allem en vue vun der Inauguratioun vum éischten Tracet vum neien Tram.

D'CSJ Zentrum proposéiert:

1. de Verloun-System vun de Vëloen an der Stad an an de Gemenge ronderëm, eventuell landeswäit, wou d'Gemengen net an der Responsabilitéit sinn, op de Pedelec System auszebauen. Esou gëtt et fir de Benotzer méi einfach fir vun dësem System an engem méi grousse Radius ze profitéieren an domat den Auto stoen ze loossen.

2. bei neie Quartieren, d'Planung vu getrennte Vëlos- a Foussgängerweeër, eventuell Statioune fir Verloun-Vëloen, direkt beim Projet mat anzeplangen.

3. de Reseau vun de Vëlosweeër ze iwwerschaffen an an 2 Kategorien anzedeelen. Zum Beispill a sougenannte „Radschnellwege“ (Weeër déi fir de Vëlo reservéiert sinn) an a Vëlosweeër déi och vun der Landwirtschaft benotzt kënne ginn.

4. de Radschnellweg fir d'Kategorie vum S-Pedelec fräi ze ginn an d'Benotze méi intressant fir zum Beispill de Wee op d'Arabescht ze maachen.

5. den S-Pedelec als Kategorie vum SNCA opzehuelen, fir eng kloer Immatrikulatioun an e geregelt benotze vun dem Vëlo ze erméiglechen (eng eege Kategorie op der *Groer Kaart*).

6. datt d'steierlech Ofsetzung vum S-Pedelec muss méiglech sinn. Esou wéi et säit der Steierreform och fir déi aner Vëloskategorië méiglech ass.